N° 7023
Entrée le 19.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.10.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

D'Leit vum CGDIS sinn oft op Brancarden (Tragbahren) ugewisen. Si mussen d'Leit op d'Brancard hiewen an dës dann an hiert Gefier lueden. Béides ka mat vill Kraaftopwand verbonne sinn. Zu de klassesche Brancarde gëtt et mëttlerweil awer och elektresch Alternativen, respektiv elektresch Hëllefen, déi de Brancard elektresch an d'Ambulanz eranzitt an och erëm raus op d'Rieder stellt. Dës hunn zum virdeel, dass d'Rettungskräften manner kierperlech mussen ustrengen a schlecht Haltunge vermeiden, déi hier kierperlech Gesondheet beanträchtegen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wat misst am Rettungswon geännert ginn, am Fall wou ee vun enger normaler Brancard op een elektresche System wéilt ëmstellen? Wat wier de Käschtefaktor?

2. Kéint eng oder béid Optioune mat den aktuelle Rettungsween vum CGDIS ëmgesat ginn?
   Wa jo, wäerten esou Brancarde lues a lues déi al ersetzen?
   Wa nee, firwat net?

3. Wéini wäerten déi nächst Rettungsween viraussiichtlech bestallt ginn?
   Wäert hei gekuckt ginn, fir Ween ze bestellen, déi mat esou elektresche Systemer equipéiert, respektiv kompatibel wieren?

4. Wéini sinn déi lescht Rettungsween bestallt ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten